N°4344
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 4344 vum 29. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. **Op wéi enger rechtlecher Basis ginn am Secondaire medezinesch Kontrollen am Kader vun der Medezin scolaire organiséiert, a wéi eng Ënnersichunge sinn dobäi, jee no Alter vum Schüler, virgesinn?**

D'Schoulmedezin gëtt duerch dat ofgeännert Gesetz vum 2. Dezember 1987 iwwer Reglementéierung vun der Schoulmedezin gereegelt.

Den exakten Inhalt vun de schoulmedezinesche Moossnamen an Ënnersichunge gëtt duerch de groussherzogleche Reglement vum 24. Oktober 2011 festgeluecht.

Den Detail kann op dëser Säit consultéiert ginn: Division de la médecine scolaire et de la santé des enfants et adolescents - Direction de la santé - Le gouvernement luxembourgeois

2. **Kann e Schüler eng medezinesch Kontroll oder eenzel Deeler dovunner, notamment eng intim Ënnersichung, refuséieren? Falls jo, wéi eng Prozedur ass an esou engem Fall virgesinn, a gëtt tëschent mannerjäregen a volljärege Schüler ënnerscheet?**

Den Artikel 2 vum ofgeännerte Gesetz vum 2. Dezember 1987 iwwer d'Reglementéierung vun der Schoulmedezin gesäit vir, datt d'Schüler de schoulmedezinesche Moossnamen an Ënnersichungen ënnerleien. Allerdéngs kann en Elterendeel, e gesetzleche Vertrieder oder de concernéierte Schüler eng Ënnersichung ganz oder deelweis refuséieren.

Wann e Refus virun der Visitt geäussert gëtt, kann eng begrënnt Ufro un d'Schouldirektioun geriicht ginn, déi un d'Divisioun fir Schoulmedezin weidergeleet gëtt. Et kann dann en Informatiounsaustausch ugebuede ginn, fir op eventuell Froen oder Onkloerheeten anzegoen. Wann de Refus bäibehale gëtt, ginn d'Elteren doriwwer informéiert, datt déi concernéiert Ënnersichunge beim Dokter vun hirem Choix musse gemaach ginn.

Och wärend der Consultatioun kann e Schüler eng Ënnersichung ganz oder deelweis refuséieren, dorënner och eng Ënnersichung vum Intimberäich. Nodeems déi néideg Erklärunge gi goufen, gëtt säi Refus respektéiert. Bei mannerjärege Schüler ginn d'Elteren oder gesetzlech Vertrieder doriwwer informéiert an opgefuerdert, déi concernéiert Ënnersichunge beim Dokter vun hirem Choix maachen ze loossen.

Fir volljäreg Schüler gëllen déi allgemeng Bestëmmungen iwwer d'Zoustëmmung zu medezinesche Behandlungen integral. Si kënnen déi proposéiert Ënnersichungen akzeptéieren oder refuséieren a ginn, wann néideg, iwwert d'Méiglechkeet informéiert, dës beim Dokter vun hirem Choix duerchféieren ze loossen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

3. **<u>Wéi ginn d'Eltere vun esou Kontrollen informéiert, notamment wann e Schüler eng Kontroll refuséiert oder wann eng Ënnersichung vun Intimberäich gemaach gëtt?</u>**

Déi schoulmedezinesch Ënnersichunge ginn am Kader vun de gesetzleche Bestëmmungen an no de gültegen Informatiounsprozeduren duerchgefouert.

Wann de Gesondheetsbilan eng Ënnersichung ëmfaasst, déi als sensibel oder intim empfonnt ka ginn, gëtt dës am Aklang mat den deontologesche Reegele vum medezinesche Beruff an de Rechter vum Kand duerchgefouert.

Am Fall vun engem Refus vun enger Ënnersichung oder vun engem Deel dovun, ginn d'Modalitéite vun der Informatioun un d'Elteren ënner Berécksiichtegung vum Alter vum Schüler, sengem Status als Mannerjäregen oder Volljäregen, sengem héchste Wuel souwéi de Reegele betreffend dem medezinesche Beruffsgeheimnis beurteelt. Gegeebenenfalls kann eng Matdeelung un d'Eltere geschéckt ginn, fir si dozou opzeruffen, eng Kontroll Consultatioun beim Dokter vun hirem Choix maachen ze loossen.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez